ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N°3988

REÇU
Par Christine Wirtgen , 09:21, 31/03/2021

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 30. Mäerz 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Wéi mir zougedroe gouf, dierfen zukünfteg Pappen hir Partnerin wéinst de COVID-Restriktiounen aktuell net an den Ultraschall begleeden. Den emotionale Wäert vu sou Momenter ass allerdéngs net ze ersetzen a kënnt och net méi rëm.

Duerfir hunn ech folgend Nofro un d'Madamm Gesondheetsminister:

1) Op wéi enge gesondheetspoliteschen Iwwerleeunge baséiert dës Entscheedung? Wéi eng Plus-value entsteet duerch des Entscheedung, wann ee kann dovun ausgoen, datt béid Elteren an engem Stot liewen?
2) Wéi goufen déi potenziell Schied vun der psychologescher an der physescher Gesondheet hei géint en een ofgewien?
3) Kéint d'Madamm Gesondheetsminister sech virstellen, eng däraarteg Begleedung ënnert der Oplag ze erlaben, datt déi zukünfteg Pappen sech just zur Zäit vum Rendezvous selwer an der Praxis ophalen?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Dossier suivi par: CARRILHO CARDOSO Patrick
Tel: 247 85512
Email: patrick.carrilhocardoso@ms.etat.lu

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
Service central de Législation
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Christine Wirtgen , 16:55, 09/04/2021

Luxembourg, le 9 avril 2021

Réf. : 837xb65f1

Concerne: Question parlementaire n° 3988 du 30 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse de la soussignée à la question parlementaire n° 3988 du 30 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant l'"Accompagnement lors de l'échographie de grossesse dans le cadre de la pandémie Covid-19".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne CALTEUX
Premier Conseiller de Gouvernement

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Réponse de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire n° 3988 du 30 mars 2021 de Monsieur le Député Jeff Engelen concernant l'"Accompagnement lors de l'échographie de grossesse dans le cadre de la pandémie Covid-19".

Vun Säiten vun der Gesondheetsdirectioun gëtt et keng Recommandatioun, dass zukënfteg Pappen net beim Ultraschall dierfen dobäi sinn.

Et ass natierlech a COVID-19-Zäiten generell esou, dass een d'Zuel vun de Leit an den Dokteschpraxen soll limitéieren. D'Decisioun leit alleng beim behandelenden Dokter.

Mat minimalen hygieneschen Mesuren misst et awer méiglech sinn dass den zukënftegen Papp bei wichtegen Momenter dobäi ass, och wann dës Zäit dann op e Minimum begrenzt gëtt.